

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Mir hu gesot, datt mir géife mengen, datt et richtig wier, datt ee géif mat senge Präisser eropgoen. Ech hu gesot elo grad, datt et eng ganz Partie vu Gemenge sinn, déi dat net gemaach hunn, mä déi et selwer bezuelt hunn. Da kënnt Der net soen, datt et eng Obligatioun ass! Et ass eng Recommandatioun.

Ech wëll awer soen, Här Meisch, datt hei an deem Haus ëmmer gesot gouf, mir missten déi richtig Präisser rechnen. Ech hunn nach ni gesot kritt vun engem Deputéierten, Dir kënnt e politesche Präis maachen, mir fannen, datt dat an der Rei ass. Da misst Der mer awer och soen, wien et bezilt.

Ech si mat allem d'accord, mä ech hätt dann och gärén, datt Dir sot, wien et bezilt. Dir hätt gare méi Flexibilitéit, d'Maisons relais 24 Stonnen op 24 Stonnen op. Wie bezilt dat dann?

Méi Qualitéit, dat heescht, denken ech, datt méi qualifizéiert Personal muss do sinn. Da sot Der, et dærf awer net esou deier kaschten. Wie bezilt et dann? Dir, mir, wien?

(Interruptions diverses)

» **M. le Président**.- Lauschtert, lauschtert no, Dir Dammen an Dir Hären, Här Bausch, der Madame Jacobs hir Zäit ass souwisou schonn ofgelaf.

(Hilarité)

Elo loosse mer hir nach zwou Minutten, fir den Ofschloss vun hirem Discours ze maachen.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech wéilt der Madame Minister eng Fro stellen.

» **M. le Président**.- Jo, dann awer ganz kuerz, Här Gibéryen. Huelt net ze vill wäit aus.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, Här President, well ech net aus der Stad sinn, hunn ech dat net esou richtig verstan. Duerfir wollt ech just d'Madame Ministesch froen, ob ech dat richtig verstan hunn, datt de Ministère mat der Stad Lëtzebuerg eng Konventioun gemaach hätt, wou de Stat doduerch seng Part bäigeluecht huet, a wou et der Stad Lëtzebuerg awer fräigestallt gewiescht wier, fir hir Part integral net opzehiewen.

Ass et esou?

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Jo, jo, wa si se aus hirer Keess hätte wëlle bezuelen, dann hätte si dat gemaach.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- D'Stad Lëtzebuerg hätt kënne soen, fir hir Part iwwerhaapt net...

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Majo natierlech, esou wéi jiddfereen.

(Interruptions diverses)

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...fir eis Part iwwerhaapt net...

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ma net

nëmmen d'Stad Lëtzebuerg, d'ganz Lëtzebuerger Land! Ech wëll nëmme soen, mir si jo an der Autonomie communale.

(Interruptions diverses)

» **M. le Président**.- Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ech wëll nëmme just soen, et ass ganz einfach, wann een iergendwou op engem Pressebriefing ass, oder wann een iergendwou soss ass, fir der Familljeministes d'Schold ze ginn. Duerfir sinn ech dankbar, datt mer elo haut de Mëtteg eng Kéier konnten hei och soen, wéi dat ausgesäit.

» **Une voix**.- Et ass net vill derbäi erauskomm.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Et ass net vill derbäi erauskomm. Jo, Dir hätt vläicht kënne de Leit...

(Interruptions diverses)

...elo eng Chance ginn, amplaz an dräi Deeg ze kommen. Ech weess net, ob d'Stad Lëtzebuerg ëmmer esou séier hire Conseilleren äntwert, wa si eng Fro an engem Débat d'actualité stellen, wéi et hei gemaach gouf.

(Brouhaha général)

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren...

» **M. le Président**.- Madame Jacobs, kommt elo zum Ofschloss!

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ech wëll zum Ofschloss soen, datt ech frou sinn, datt

generell d'Leit allegueren der Meenung sinn, datt mir éischens méi mussen an d'Kannerbetreuung investéieren, datt jiddfereen der Meenung ass, datt et eng gutt Iddi wier, wa mer op de Wee géife kommen, fir zur Gratuitéit ze kommen, datt och jiddfereen, mengen ech, verstanen hätt, datt net iergendee kéint soen, datt dat nächst Joer géif ugoen, datt dat definitiv eriwwer wier.

Ech hu probéiert, lech Äntwerten ze ginn op déi Saachen, déi mir gemengt hunn, datt mir se de Mëtteg géife gefrot ginn. Hei ass ëmmer nëmmen iwwert d'Finanzestéck an deenen zwou Saache geschwat ginn. Mir hate gemengt, datt de Mëtteg wéi gesot aner Saache gefrot gi wieren. Da musst Der verstoen, datt een och net op all dat kann äntwerten, wat Dir gefrot hutt.

Mä ech denke jo net, datt et déi éischten an déi leschte Kéier ass, wou mir doriwwer diskutéieren. Mir wäerten an der Kommissioun dat maachen, mir maachen dat mam Syvicol a mir maachen dat mat jiddferengem, dee beträff ass.

Wéi gesot, nach eng Kéier, d'Kanner si jo anscheinend, soe mer jo ëmmer, dat Wichtigst, wat mer hätten, da musse mer eis dat och eppes kaschte loosse.

Merci villmools.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Villmools Merci, Madame Jacobs. Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Mir gesinn eis muer de Mëtteg um hallwer dräi erëm fir déi nächst Sitzung.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.17 heures)

# SÉANCE 46

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
Mme Colette Flesch, Vice-Président

## Sommaire

- Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement
  - M. le Président (désignation reportée)
- 5780 - Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Norbert Hauptert
- 5810 - Projet de loi relative aux acquisitions dans le secteur financier et portant transposition, dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier et dans la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances, de la directive 2007/44/CE du Parlement européen et du Conseil du 5 septembre 2007 modifiant la directive 92/49/CEE du Conseil et les directives 2002/83/CE, 2004/39/CE, 2005/68/CE et 2006/48/CE en ce qui concerne les règles de procédure et les critères d'évaluation applicables à l'évaluation prudentielle des acquisitions et augmentations de participation dans des entités du secteur financier
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel
  - Discussion générale: M. Roger Negri
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5780 - Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5851 - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale pour la répression des actes de terrorisme nucléaire, ouverte à la signature à New York, le 14 septembre 2005
  - Rapport de la Commission juridique: Mme Christine Doerner
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement (suite)
  - M. le Président
- 5597 - Projet de loi portant modification des articles 116, 126, 127, 152, 185, 188, 620 et 621 du Code d'instruction criminelle et abrogation de l'article 186 dudit code - Second vote constitutionnel
  - Rapport de la Commission juridique: Mme Christine Doerner
  - Discussion générale: M. Xavier Bettel
  - Second vote constitutionnel

- Interpellation de M. Camille Gira au sujet de l'enseignement musical dans le secteur communal
  - Exposé: M. Camille Gira (déposant une motion)
  - Discussion générale: M. Jean-Paul Schaaf, M. Fernand Etgen, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. Jean-Pierre Klein, Mme Colette Flesch, Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche, M. Camille Gira, Mme Colette Flesch, M. Aly Jaerling
  - Motion 1 rejetée

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Ministre; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

» **M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Här Minister Frieden, hutt Dir am Numm vun der Regierung eis iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

» **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Neen, Här President.

## 1. Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement

» **M. le Président**.- Da komme mer direkt zu eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Mir zéien direkt de leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vir: d'Designatioun vun engem Member fir de Centre pour l'égalité de traitement. No den Dispositione vun den Artikelen 135 an 136 vum Chambersreglement huet d'Présidentekonferenz an hirer Réunioun vum 22. Mee eng Kandidatelëscht arrétéiert. D'Lëscht ass un d'Deputéierte verdeelt ginn. Mir hunn eng eenzeg Kandidatur fir de véierte Membersposte vum Centre virleien. Et ass déi vun der Madame Netty Klein. An dësem Fall erlaabt den Artikel 138 vun eisem Reglement d'Uwendung vum Artikel 4 (5). Dat heescht, dass dës Persoun als Member designéiert ka ginn, ouni dass doriwwer ofgestëmmt gëtt.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Voilà! Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zu deem normalen Ordre du jour, nämlech d'Diskussioun iwwert d'Retenue à la source libératoire. Fir dëse Projet sinn den Här Meisch an den Här Fayot ageschriwwen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 5780 - Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» **M. Norbert Hauptert** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer hei virleien hunn, soll d'Gesetz vum 23. Dezember 2005 iwwert d'Quellesteier amendéieren. Dat Gesetz vum 2005 gesäit eng Quellesteier fir d'Lëtzebuerger Résidentë vir op deenen Zësen, déi si vun engem Agent payeur, dat heescht normalerweis vun enger Bank, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert ass, ausbezuelt kréien.



